



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 13 JUIN 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le :

13 JUIN 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°695 du 14 mai 2019 des honorables députés Messieurs Emile Eicher et Ali Kaes, concernant le trafic lié à la zone industrielle Eselborn/Lentzweiler, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op
déi parlamentaresch Fro n° 695 vum 14. Mee 2019 vun den honorablen Deputéierten Här
Emile Eicher an Här Ali Kaes**

An hirer parlamentarescher Fro géifen déi honorabel Deputéierten gär Informatiounen zur d'Beschëlderung fir d'Camionneuren op der Nationalstrooss N7 (Klierf - Eeselbuer / Lentzweiler) kréien. Déi ugesprache Problematik ass bekannt an obwuel et schonn zënter Abrëll 2009 duerch dat groussherzoglescht Verkéiersreglement vum 27. Mäerz 2009 fir Camione vun enger Längt iwwer 10 Meter verbueden ass, duerch d'Uertschaft vu Klierf ze fueren, kënn et leider ëmmer erëm zu Verstéiss géint dës Virschrëft, sief et well d'Camionschauffeuren engem Navi follegen, dee fir normal Autoe geduecht ass oder well se einfach nëmmen Zäit wëlle spueren.

De Regional-Service vu Klierf vun der Stroossebauverwaltung ass aktuell am Gaang fir déi bestoend Beschëlderung mam richtege Wee zur Industriezone Eeselbuer / Lentzweiler ze optiméieren, respektiv ze ergänzen. Nei a méi grouss Schëlter (ongeféier 2 op 1,50 Meter grouss) sinn an der Maach a ginn an noer Zukunft opgeriicht. Op deene Schëlter steet net méi „Sens recommandé“, mee „Direction obligatoire“. Et kommen ausserdem nei Schëlter dobäi, an zwar op der N7 zu Maarnech op Héicht vun der Kräizung mat der N10 an op der N7 tëschent Hengescht a Wäiswampech. Am Abrëll vun dësem Joer goufen där Schëlter schonn op folgende Plaze gesat: Um CR335 bei der Kräizung fir op Boxer (fir dass d'Camionen net sollen duerch Boxer, mee iwwert d'N18 fueren), op der N12 um Antoniushaff an op der N18 bei der Kräizung fir op Diänjen (CR332A).

Wat déi legal Basis ugeet, esou ginn et zwou Aarte vun Aschränkungen op de Stroossen: Den Accès-Verbuet fir Camionen oder déi obligatoresch Deviatoun. Déi Éischt gëtt éischter bei Uertsduerchfahrte genotzt, déi Zweet fir d'Camione bei d'Industriezonen ze guidéieren. De „Sens recommandé“ gëtt zënter e puer Joer no an no duerch d'„Déviation obligatoire“ ersat, wat schonn op verschiddene Plazen duerchgefouert ginn ass. Eng lwwerpréiwung vun der Beschëlderung op Gréisst vun de Schëlter a virun allem awer op hir Kohärenz gëtt momentan vun der Stroossebauverwaltung duerchgefouert.